CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS



# Candidature pour les élections d'un délégué des pompiers volontaires assistant aux réunions du conseil d'administration du Corps grand-ducal d'incendie et de secours

Virnumm: Charel

Familljennumm: Karier

Matricule CGDIS: KACH03

Cadre: Cadre de Base

Gebuertsdatum: 29.09.1997

## Meng Motivatioun:

Mäin Zil ass et, als Sproochrouer vum Pompjee ze fungéieren a gemeinsam d'Problemer unzegoen. Vun 7206 Membere waren der 2023 am ganze 6789 fräiwëlleg, een also méi wéi ee beuechtlechen Undeel, deen och ee ganz groussen Deel un de Permanencen an Asätz d'Joer iwwer garantéiert. Dës Leit gi just duerch eng eenzeg Persoun mat och just berodender Funktioun vertrueden, ëmsou méi wichteg ass et also fir des Aarbecht seriö ze huelen. No um Terrain bei de Fräiwëllege sinn, mat hinne schwätzen an an hirem Interêt den CA beroden, dat wëll ech maachen. Nolauschteren a Kritik weiderleeden. Dem Fräiwëllege Pompjee a spezielle Situatiounen zur Säit stoe, wann hien dës brauch. An der weiderer Entwécklung vum CGDIS d'Volontariat net vergiessen a gemeinsam mat abannen, do wou et méiglech ass.
Meng Kandidatur ass net politesch motivéiert, mee reng aus dem Wonsch, der Majoritéit vun den am CGDIS schaffende Léit, eng éierbar Stëmm ze verschafen.

## Meng Kompetenzen:

Déi läscht 11 Joer war ech souwuel op der wäisser Säit, wéi och am Beräich Incendie a Sauvetage ganz aktiv an ech hunn och de Parcours u Formatiounen (SAP 2 a FIS 3/COM 2) duerchlaf. Nierwebäi hëllefen ech reegelméisseg bei der Duerchféierung vun den MdA'en am CIS. Duerch des vill Erfarunge, sinn ech der Meenung déi Fräiwëlleg an alle Situatioune vertrieden ze kënnen. Als engagéierte Pompjee sinn ech mer den Erausfuerderunge vu béide Säite bewosst a ka Mängel a Kritik verstoen fir déi dem Verwaltungsrot matzedeelen.
Ugefangen hunn ech zu Feschbëch an engem vun de klengsten Zenteren aus dem Land, wou ech nach ëmmer aktiv sinn. Fir Ambulanz a Sauvetage ze fueren, hunn ech mech 2016 och an der Fiels ugemellt. Säit 2024 sinn ech aus private Grënn am Norden an der Stauséigemeng aktiv. Heiduerch sinn ech mer och den ënnerschiddlechen Défis'e vun den Zenteren, sief et aus verschiddene Regioune vum Land oder de verschiddene Kategorien a Gréisste bewosst.

Meng Erfarunge fir dëse Posten:

- 8 Joer Jugendpompjeeën
- 11 Joer INCSA
- 8 Joer SAP

Jorelaang Comitésaarbechten, ënner anerem:
-2 Joer als Präsident vun den Heidelberger Studenten (LSH)
-Comitésmember an der ACEL
-Vizepresident vun de Medezinsstudenten (ALEM)

Firwat sollt Dir mech wielen:

Duerch mäi Papp, dee säit 1977 an de Pompjeeën ass, souwéi wärend mengen éischte Joren als aktive Pompjee, hunn ech och d'Zäit virun der Reform kannt. Ech sinn zu 100% iwwerzeegt vum CGDIS, mee ech wëll gäre weider dodru schaffen, dass eis Fräiwëllege keng Steng an de Wee geluecht ginn. Sief et bei de Coursen, Homologatiounen, de Permanencen, dem administrativen Opwand an nach Villes méi.
Well de CGDIS net gläichzäiteg mäin Aarbechtsgeber ass, kann ech och dat u schwätzen, wat eventuell net esou richteg leeft.
Ech sinn der Meenung, dass mir nach op ville Plaze Verbesserunge realiséiere kënnen, sief et bei de sëllege Plattformen, wou mir zeg verschidde Benotzernimm a Passwierder musse verhalen; de Congé Sapeur deen, sief et beim Staat oder am private Secteur, net esou funktionéiert wéi e soll; de Formation Continue'en, dem Médico an nach ville weidere Baustellen.

Ech wënsche mir, dass all Fräiwëllege Pompjee mech als Vertrieder ka kontaktéieren, Kritik a Verbesserungsvirschléi séier an einfach proposéiert kënne ginn an ech dës dann, an Zesummenaarbecht mam DPV, dem Verwaltungsrot bei Geleeënheet virdroen.

3 Wierder, déi mech am beschte beschreiwen:

Engagéiert
Hëllefsbereet
Kommunikativ